

## Lies a fléi!

Wien huet nach net erlieft, datt hien e Film iwwer e Buch kucke gaang ass, dat hie virdu gelies hat; als gutt Beispill kënnt mir hei ee vun den Harry Potter-Filmen huelen. Do gëtt et knapps een, dee ganz zefridden ass, wann net esouguer **déck enttäuscht**. Dat net, well de Film schlecht gewiescht wier oder d'Acteuren dolaanscht... et war dann einfach net dat, wat ee sech erwaart hat. A **wat hat een sech erwaart? Mä dat, wat ee „gesinn, erlieft, gefilt“ huet, wéi een d'Buch „geknet“ huet!**

Bekannt an normal ass et, datt jiddereen, deen eng flott Geschicht liest, sech automatesch seng eege Biller - eng Virstellung! - doriwwer an sengem Kapp mécht; déi sinn esou perséinlech, datt am Fong keen aneren, och dee beschte Regisseur, se kann nomaachen. Natierlech ass et interessant, wéi anerer (also Regisseuren) „eist“ Buch op de Schiirm bréngen, wéi d'Acteuren an d'Emgeréits ausgesinn, watfir eng Stëmme a Geräischer do ze héiere sinn asw. **Mir huet kee Karl May-Film oder en Tarzan 100% gefall, well „meng Leit“ do net dra waren.** Wann d'Acteuren dann och nach an enger anerer Produktioun iwwer datselwecht Buch changéiert hunn... eng Katastroph. Den Tarzan war de Johnny Weissmüller a soss keen!



vum Lex Roth



Jidderee mécht sech iwwer dem Liese vun engem „spannende“ Buch säi Film selwer. Sou ass et mir z.B. och beim Jhemp Hoscheit sengem „Perl oder Pica“ gewiescht; zoufälligerweis hunn ech vill Personagen och nach zimlech däitlech kennt. Grad esou ass et mir mam Roger Manderscheid sengem „Schacko Klak“ gaang... ech hunn (vum nämlechte Joergank!) ëmmer de Rosch, Hesper a meng eegen Erliefnesser vum Krich an duerno vru mir gesinn. Vläch wier et besser gewiescht, fir d'éischt de Film kucken ze goen... an dann d'Buch ze liesen. Ower da wier et „mäi“ Buch net méi gewiescht.

Wat soll déi ganz Gedankspillerei dann elo mat eiser Sprooch ze dinn hunn? Mä et ass den Titel vun deer **Brochure vum Educatiousministère, déi dir hei fannt: Lies a fléi!** Lies an deer Sprooch, déi deng ass wéi keng aner... a fléi mat denge Gedanke wéi an engem Dram, deen deng Phantasie dir schenkt. Maach dir e Film aus deene Geschichten, déi an Dosende Bicher an denger Sprooch ze kréie sinn, an deer Sprooch an deer s du denks an dreems. Watfir e „banneschte“ Wert dat fir d'Entwécklung vun eise Kanner a Jugendlechen huet, dat giff e „gestodéierte“ Psychopedagog elo vläch vill méi komplizéiert explizéieren... ower et wier dat nämlecht. **Iwwer 145 Bicher op Lëtzebuergesch hu mir an deem Katalog fonnt**, natierlech vun deene verschiddensten Zorten a Qualitéiten... ower si sinn alleguer ze kafen! Och fir de Kleeschen an d'Feierdeeg. Fir dee Katalog ze kréien, giff ech iech d'Nimm vun deenen 2 Auteuren aus dem Ministère hei mat hiren e-mail-Adresse ginn... an hinnen e ganz décke Merci fir hir Aarbecht soen: [jeanne.offermann@men.lu](mailto:jeanne.offermann@men.lu) / [josiane.schaul@men.lu](mailto:josiane.schaul@men.lu)

## Réckbléck an Ausbléck?

An dese Woche lafen engem op der TV grad ewéi an der „Printpress“ d'Emissiounen an d'Artikelen iwwer d'Joer bal no, dat elo op en Enn geet. Wann déi meesch eis Zeitung gengen uerdentlech liesen, aplaz nëmmen Iwwerschrëften a Biller ze kucken, da wieren déi „Réckblécker“ zesoen iwwerfléseg. „Réckblécker“? **Dat ass dees kuppege Lëtzebuergesch, dat, eng Grimmel anescht gefierft, muttwëlles aus dem Houdäitschen eriwergeschleeft gëtt.** Firwat heescht dat net einfach „Hannescht op 2010 gekuckt“, oder vläch „Revue vun 2010“.

Datselwecht gëllt fir dee kauzegen „Ausbléck“, deen engem nach méi krommenoleg schéngt. Do kënnt een dach eericht vun „op/an d'neit Joer gekuckt“ schwätzen. Vläch fällt et och engem an, „no vijenzeg op 2011“ ze kucken, oder „Wat bréngt 2011 äis?“ Et ass net verbueden oder dolaanscht, an esou Fäll emol eng Grimmel „kreativ“ ze ginn. Oder?

## Zréck = hannescht oder erëm!

De Minister Robert Krieps, e gudde Frënd vun der Actioun-Lëtzebuergesch, huet sech ëmmer zudoud driwwer geërgert, wann dat „zréck“ him iwwer de Wee gelaf ass. Vun deem Mann konnt ee jo alles soen, mä net, datt hien e klengkarréierte Fanatiker gewiescht wier; hien hat ganz einfach Recht!

Wa mir äis éierlech froen, wat mir mat deem „zréck“ solle maachen, da kommen äis bal automatesch d'Wuert „hannescht“ an dee sougenannte Prefix „(e-)rëm-“ an de Kapp. Mir ginn dach kengem eppes „zréck“, mä „erëm“; mir kommen och net „zréck“, mä „erëm“; dat ass eng laténgesch-franséisch Fassong. Nach vill méi typesch fir eis Sprooch ass **den Ausdrock „hannescht“ fir den däitsche Begrëff „zurück“** ze gebrauchen, dee mir also glatt net néideg hunn... et sief dann, et ass äis schnurriwurscht, wéi a wuer et mam Lëtzebuergesch geet. Dat misst ower bal jidderee mat sech ausmaachen. Oder net?

## Ceterum censeo... (44)

Fir an d'Sproochgesetz vun 1984 hate mir an der Commissioun proposéiert, **d'Lëtzebuergesch net als „offiziell“ mä als „national“ Sprooch ze ernimmen.** Mat „nationalistescht“ huet dat nullkommanäischt ze dinn. Mä well am selwechte Gesetz steet, datt d'Franséisch an d'Däitsch um administrativen a judiciairé Plang och giffen „offiziell“ gëllen... war do dann eng verstänneg Ofgrenzung fälleg, déi jo och kee Mënsch stéiert.

Um Fong vun deem Gedanken ännert sech guer a glatt näischt, wann eis Constitutioun am nämlechte Sënn seet, d'Lëtzebuergesch wier d'Sprooch vun eise Land - also Nationalsprooch! - de Gebrauch vun anere Sprooche wier deeselwechte wéi am Gesetz festgeluecht. Net méi, mä och net manner. **Sot emol een, wou dann do nach ee Problem ass...** et sief dann de schlechte Wëll wier méi staark. Loosst mer - alt erëm eng kéier - betounen, datt kengerlee keng Partei (oder „Parteichen“) sech do extra ze profiléiere brauch; dat ass bëllege Populismus, deen der Saach vill schuet!

**Si waren ewell 1999 ALLEGUER domat averstanen!**

## Lycée Vauban...

Et ass net verwonnerlech, datt mir och alt gefrot ginn, **wat mir vun deem „frieme“ Lycée hei giffen halen**, dee jo elo en neit Gebai kritt, dat och nach deelweis vun eise Staat bezuelt gëtt. Ganz einfach: Mir sinn houfreg, datt Lëtzebuerg och e franséische Lycée huet!

Gelungen? Mä dann ass et och **komesch, datt Frankräich zënter Generatioune lëtzebuergesch Juristen, Dokteren, Ingenieuren, Professere vun alle Fächer Studien offréiert.** Mir kënnen/sollen net ëmmer nëmmen huelen...

Datt an deer Schoul kee Lëtzebuergesch dozéiert gëtt, dat deet eiser Sprooch net wéi... wann d'Lëtzebuergesch an eisen 30 classeschen an technesche Secondaire-Schoulen eng zerguttstert Plaz hätt an éierbar giff ugepaakt ginn, da bräicht et engem fir dat Gebitt net baang ze sinn. Mir wësse jo ower laang, datt eis Sprooch just do nach ëmmer en Heeschekand war an och haut nach ass. Dofir kënnen de „Vauban“ an d'American School net.

## SMS, E-mail, Facebook, Twitteren asw...

„t ass net fir d'éischt, datt mir hei vun deenen enormen elektronesche Mëttele schwätzen, déi eist Liewen an de leschten 20 Joer bannebausse gedréint oder esouguer op d'Kopp gehäit hunn. Egal wéi se gebraucht ginn, zerguttst, doruechter, hiermiddeg... dat ass eng Fro fir Gesellschaftspsychologie, vläch och fir Pedagogik.

**Fir eis Sprooch huet déi „Apparateri“ net nëmmen eng Spléck Mauslach opge-maach; si huet zesoen eng Scheierpaart fir an eng aner „Jadderwelt“ opgestouss!** À propos: wier „jadderen“ kee giedelegen Ausdrock, fir „twitteren“ am Lëtzebuergesch ze ersetzen; dat heescht jo och nëmme just „zwitteren“; mat „schnëssen/Schnëssegt“ giff sech och nach eppes an deem Sënn maache loosser. Frot elo net direkt no der Qualitéit vun deem Gejadders, dat milliouneweis dorëmmer fladdert; maacht iech och net zevill Suergen iwwer d'Schreifweis; do bëit sech nach villes riicht. Wichteg ass **d'Gespier, datt eis soss praktesch nëmme gebabbelt Sprooch eng gaanz normal Plaz am Geschriwwene kritt.** „Normal“ am Sënn vun deer direkter Communicatioun, net nëmmen a Press a Literatur. Dat ass e ganze Koup Nodenkes wert!

## Kichelcher si keng Bréidercher

Wéi **de Bäcker Joe Fischer an de 70er Joeren** d'Pâtisserie an der Groussgaass kauft hat, wollt hien deem neie Geschäft e lëtzebuergesch Numm ginn. Well hien äre Schreiwert vum Radio hier kann huet („een Ament fir eis Sprooch“) an och d'Famill vun Dikrech aus, huet hien dann ugeruff. Hannert der Kopp hat hien déi däitsch „Backstube“ an domat „Bakstuff“. Dat hunn ech him séier ausgeschwat, well esou eppes ass et ni an eiser Sprooch ginn! Joe, nenn dat Dëngen esou wéi dir Bäcker sot, wann Dir mueres an dee stëbsege Raum bei d'Mull gitt... an dat ass dach net an eng „Bakstuff“, mä eng... **BAKES.** Domat war den Numm fonnt, dee mir haut gutt kennen a behalen, ganz sécher och en Ausdrock versuergt.

Bei deerselwechter Geleehtheit hate mir rieds iwwer d'lëtzebuergesch Nimm vu Gebäck, vrun allem iwwer den Ënnerscheid vun allem, wat mat **Kuchen-Deeg** oder **Brout-Deeg** preparéiert gëtt; dofir sinn dat eent **Kichelcher** an dat anert **Bréidercher**. Mir schwätze jo och vu Kaffiskichelcher (Aachtchen, Streisel, Schleeken, Zockerschlappen...) a mir iessen e Bréitche mat enger Mettwurscht, Kéis oder engem Wirschtchen drop, kee Kichelchen! Et wier jo schued, wa mat deem Ënnerscheid och alt erëm e Stéck Lëtzebuergesch giff verluer goen.

## „Gehäck“

Wéivill kënnen der vun äis sech nach drun erënneren, datt an der Zäit an de kale Wanterwochen eppes Wonnerbares op den Dësch komm ass, **wann op den Dierfer geschluecht guff.** Do konnt een de Sproch verstoen, datt vum Schwäin alles verbraucht guff... bis op dee leschte Kreesch. Hamen a Kotlette sinn äis all bekannt; mir wëssen, datt den Daarm fir d'Zoossiss versuergt guff an d'Blutt fir Träipen; mä **de Mo, d'Häerz a vrun allem d'Geleng (Longen)** si gekacht an da kleng geschnidde ginn. Dat guff, mam néidege Gekraiders a Geméis eng genësseg Britt... an dat **Gehäck** huet immens geschmaacht! Déi eng hate gär e puer gedréchent Quetschen an deer Zopp; aneren ass et mat engem Schotz Esseg duergaang... mä da gitt dat haut emol sichen. Scho guer net bei de Kach-Zirkus op der TV.

An eisen traditionelle Kachbicher (Ketty Thull, Tun Nosbusch...) kënnt dir d'Rezept nach fannen. **Et gehéiert absolutt bei eis less-Identitéit**, ower do maachen der vill „brrrrrr“; si denken net drun, datt eng Gehäckzopp wonnerbar „bäihält“ a gutt schmaacht, wann se zerguttst gemaach ass... apaart ower, datt et ganz Naturvëlleker gëtt, déi vrun allem dat iessen, wat mir dacks mat engem spatze Mëndchen „Innereien, Bannescht, abats“ nennen... si loosser d'Fleesch (Muskelen) dofir stoen!